



Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, a vum Minister fir d'Fonction publique Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°4534 vum 24.07.2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert eng eventuell Mëssuechtung vum Artikel 6 vun der europäescher Mënscherechtskonventioun

1. Wäerten d'Regierung oder d'Justizautoritéiten eng Disziplinenquête géint de fréiere [sic!] Regierungskommissär an d'Weeër leeden, fir ze klären, ob et zu Verstéiss géint seng berufflech Flichte oder géint de Prinzip vun der Neutralitéit an Onparteilchkeet komm ass?

D'Cour d'appel huet an hirem Arrêt vum 3. Juni 2026 festgehalten, datt eng Persoun den 21. Oktober 2016 am Kader vun enger Disziplinarprozedur als Zeien ënner Eed gehéiert gouf. Als Zeie war si verpflichtet, op d'Froen ze äntweren an d'Wourecht ze soen. Zu deem Zäitpunkt ass dës Persoun als presuméiert Affer gehéiert ginn a si war nach net materiell verdächtig an der spéiderer Strofprouzedur.

Well hir ënner där gesetzlecher Verpflichtung gemaachen Aussoen duerno Bestanddeel vum Strofdossier gi waren, huet d'Cour d'appel festgestallt, datt dës Aussoen am Strofprouzedur net géint si konnte benotzt ginn. D'Cour huet sech dobäi op d'Recht beruff, sech net selwer belauschten ze mussen, dat aus dem Artikel 6 vun der europäescher Mënscherechtskonventioun ofgeleet gëtt. Si huet dofir decidéiert, am Kader vun dëser Stroffaffär vum Disziplinarrapport ofzegesinn.

Den Arrêt enthält dogéint absolut keng Feststellung vun iergendengem individuelle Feelverhale respektiv Drock vum Regierungskommissär.

Et ass an deem Kontext net zoutreffend, datt d'Cour d'Appel explizit zeréckbehalen hätt, *“dass duerch dem Regierungskommissär säin Drock an Handelen d'Recht op eng adequat Verdeelegung, nom Artikel 6 vun der Mënscherechtskonventioun, net respektéiert gouf”*.

Den Zeien ass am Kader vun der Disziplinaruntersuchung ganz konform als solche gehéiert ginn an dat, wéi d'Gesetz et virgesäit, ënner Eed. Et ass d'Gesetz wat den Zeie verpflichtet d'Wourecht ze zielen an net en ënnerstallten “Drock” vum Commissär. Den Zeie war am Kader vun der Disziplinaruntersuchung och iwwerhaupt net an enger Situatioun, wou en sech hätt kënne selwer belauschten, well en als Net-Staatsbeamte guer net susceptibel war Beschëllegten an esou enger Disziplinarprozedur ze ginn.

D'Ausschlësse vun den Aussoen, ëm déi et geet, ass exklusiv d'Konsequenz vun den Entwécklungen am Fall, no der Auditoun vum genannten Zeien an dem Ofschluss vun der Disziplinaruntersuchung. D'Net-Benotzung vun deenen Aussoen an där penaler Prouzedur, déi et am Moment vun der Auditoun nach net gouf, ergëtt sech einfach aus de prozedurale Garantië vun där zweeter Prouzedur, ouni datt dat d'Rechtmëssigkeit vun der Auditoun an der éischter Prouzedur, déi net de besoten Zeie viséiert, a Fro stellt.

Fir komplett ze sinn, ass nach allgemeng ervirzehiewen, dass d'Justizautoritéiten net zoustänneg si fir disziplinaresch Enquête géint Fonctionnaires anzeleeden.



2. Sinn d'Regierung oder d'Justizautoritéiten bereet, fir eng onofhängeg administrativ Enquête anzeleeden, fir d'Roll vum Rapport Deischer an dëser Affär genee ze analyséieren?

D'Cour d'appel huet den Disziplinarrapport net allgemeng als net conforme, ongëlteg oder onbrauchbar erkläert. Si huet decidéiert, dëse Rapport an der virleiender Strofprouzedur net ze berücksichtegen, well en eng Ausso enthält, déi am Kader vun enger anerer Prouzedur ënner Eed an ënner enger gesetzlecher Verpflichtung gemaach gi war.

Dës Feststellung betrëfft domat d'Verwäertbarkeet vun där Ausso an enger spéiderer Strofprouzedur. D'Richtigkeet vun der deemoleger Disziplinarinstruktioun gëtt net a Fro gestallt.

Fir komplett ze sinn, ass nach allgemeng ervirzehiewen, dass d'Justizautoritéiten net zoustänneg si fir administrativ Enquêtes anzeleeden.

3. Ass d'Regierung der Meenung, datt an esou engem Fall och d'institutionell Responsabilitéiten analyséiert solle ginn, wann eng Prouzedur iwwer bal zéng Joer op engem Rapport opgebaut war, deen herno vum Geriicht net méi als valabel Grondlag ugesi gouf?

Am Respekt vum Prinzip vun der Gewaltentrennung, äussert d'Regierung sech net dozou, wéi eng Geriichtsprouzedur gefouert gouf.

Persounen, déi Doleancë par rapport zum Fonctionnement vun der Justiz hunn, kënnen sech un de Conseil national de la justice wenden.

4. Goufen et an der Vergangenheet ähnlech Fäll, an deem den Artikel 6 vun der Mënscherechtskonventioun net respektéiert gouf? Falls jo, wéi vill an deene leschten 10 Joer?

Et gi keng Statistiken doriwwer, wéi oft an deene leschten 10 Joer en nationaalt Geriicht eng Violatioun vum Artikel 6 vun der europäescher Mënscherechtskonventioun zeréckbehalen huet.

Während där selwechter Period gouf Lëtzebuerg net vum Europäesche Geriicht fir Mënscherechter verurteilt wéinst enger Violatioun vum Artikel 6 vun der europäescher Mënscherechtskonventioun a Bezuch op d'Net-Respektéiere vun de Verdeedegungsrechter an de Strofrechtsprozeduren.

Lëtzebuerg, den 23. September 2026

D'Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue